LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

Luxembourg, le 19 OCT. 2020

Personne en charge du dossier:
Ben KLEIN
☎ 247 – 72098

REÇU
Par Alff Christian , 09:36, 20/10/2020

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2338 Luxembourg

Objet : **Question parlementaire n° 2700 du 20 août 2020 (prolongation accordée jusqu'au 20 octobre 2020) de Monsieur le Député Jeff ENGELEN au sujet « Réseau 5G au Luxembourg »**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur Xavier BETTEL, Ministre des Communications et des Médias, de Madame Paulette LENERT, Ministre de la Santé, de Madame Carole DIESCHBOURG, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et de Monsieur Franz FAYOT, Ministre de l'Économie à la question parlementaire n° 2700 du 20 août 2020 de Monsieur le Député Jeff ENGELEN.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre des Communications
et des Médias

Xavier BETTEL



5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg
Tél. (+352) 247-72012
Fax (+352) 247-92015
info@mediacom.public.lu
www.gouvernement.lu/smc
www.luxembourg.lu

**Äntwert vum Här Xavier Bettel, Kommunikatiouns- a Medieminister, vun der Madame Paulette Lenert, Gesondheetsministesch, vun der Madame Carole Dieschbourg, Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung a vum Här Franz Fayot, Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro N° 2700 vum 20. August 2020 vum Här Deputéierten Jeff Engelen**

**1. Si bis elo schonn déi uewe genannten Moossungen duerchgefouert ginn, déi zu weideren Erkenntnisser solle féieren?**

Déi entspriechend Pilotprojete sinn nach net um Stadium, wou konkret Miessunge vun den neie 5G Antennen ënnerholl géifen.

**2. Wa jo, wéi eng Erkenntnisser huet d'Regierung dorausser gewonnen?**

Vu dass nach keng Miessunge konnte gemaach ginn, kann dës Fro nach net beäntwert ginn.

**3. Wann nee, a wéi engem zäitleche Kader gedenkt d'Regierung elo, déi Moossungen duerchzeféieren?**

Déi entspriechend Pilotprojeten erstrecken sech vun Enn 2020 bis Enn 2022. Esou bal ewéi d'Antennen dobaussen um Terrain ënner reelle Bedingungen a Betrib sinn, ginn se zesumme mat de responsabelen Autoritéite fir Miessunge vun elektromagnéitesche Felder verfollegt.

Als Beispill sief hei de Projet "5G-Emit" vum Luxembourg Institute of Science (LIST) genannt, am Kader vun deem verschidde 5G Zenarie solle genee analyséiert ginn.

**4. Ënnert de Berécksiichtegung, datt schon eenzel Frequenze fir de 5G-Reseau versteet goufen an am Fall, wou d'Regierung déi uewe genannte Moossunge nach net duerchgefouert huet: Ass d'Regierung an deem Fall net an der Situatioun, datt si de "principe de précaution" net beuecht huet?**

De "Principe de précaution", dee schonns säit Joerzéngten zu Lëtzebuerg applizéiert gëtt, gëtt och am Kader vun de 5G Antennen applizéiert. D'Ëmweltverwaltung an d'Inspection du travail et des mines hu sech am Virfeld vun den éischten Autorisatioune fir d'5G Antennen am Detail mat der Thematik ausernee gesat an hunn sech mat nationalen an internationalen Organer ausgetosch.
D'Kommunikatioun[1] vun der europäescher Kommissioun iwwert de "Principe de précaution" gesäit fir, dass déi präventive Mesurën ënnert anerem proportional an net diskriminatoresch dierfe sinn an am Aklang mat eventuell neien Erkenntnisser analyséiert ginn.
Et ass festgehale ginn, dass den aktuelle Grenzwäert fir d'elektromagnéitesch Feldstärkt a Gebidder wou sech Persounen ophale kënnen net erop gesat gëtt. Déi installéiert Antenne mussen och vun agreéierten Organismen ofgeholl ginn.
Am Kader vum "Principe de précaution" ginn déi aktuell Erkenntnisser och an Zukunft weider genee suivéiert.

[1] https://op.europa.eu/en/publication-detail/-/publication/21676661-a79f-4153-b984-aeb28f07c80a/language-en